ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d' Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro Nummer 3572 vun der honorabeler Deputéierte Carole Hartmann vum 3. Februar 2021, presentéiert d'Madamm Gesondheetsministesch eng Opdeelung vun de Participanten un der Phase 2 vum Large Scale Testing, an ënnerdeelt se ënner anerem no "secteur d'activité".

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Gesondheetsministesch:

1) Op wéi enger gesetzlecher Basis goufen déi professionell Donnéeën vun de Participanten um Large Scale Testing erhuewen?
2) Goufen d'Leit am Virfeld kloer an transparent doriwwer informéiert? Wa jo, op wéi eng Manéier?
3) Wéi eng wëssenschaftlech Plusvalue gouf duerch d'Erhiewung vun deenen Donnéeë generéiert?
4) Goufen nieft deenen Donnéeën, déi an der Äntwert op déi uewen zitéiert parlamentaresch Ufro weider Donnéeë vun de Participanten erhuewen? Wa jo, wéi eng?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten